N°975
Entrée le 07.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 975 vum 8. Juli 2024 vum honorabelen Députéierten Meris Sehovic zum Sujet „Vidéos filmés par des membres de la Police grand-ducale"

Fro 1 : De Pressebüro vun der Police huet de rassistesche Virfall schonn denoncéiert, an de Parquet an d'Inspection générale vun der Police enquêtéiere schonn. Wat fir eng konkret Konsequenze sinn a Fäll wéi dësem fir déi responsabel Beamt*inne virgesinn?

D'Faiten zu dem genannte Virfall goufen un de Parquet denoncéiert an d'Inspection Générale de la Police (IGP) ass mat enger disziplinarescher Instruktioun befaasst ginn. Soulaang d'Enquêten net ofgeschloss sinn, kann ech mech net zu eventuell penalen oder disziplinaresche Konsequenze prononcéieren.

Fro 2 : Wat fir eng Moossname sinn en place, fir rassistesch Virfäll oder aner Forme vun Diskriminatioun bei der Police ze verhënneren?

An éischter Linn gëlle fir d'Mataarbechter d'Wäerter déi d'Police sech ginn huet, dorënner Kollegialitéit, Respekt an Diversitéit. Diskriminatioun gëtt a kenger Form toleréiert, sief dat anere Membere vun der Police, oder der Allgemengheet géigeniwwer.

Dann spillt d'Formatioun och eng wichteg Roll an der Police. Sou ginn zum Beispill an der Formation de base fir d'Polizisten aus de Carrière B1/C1 ënnert anerem Thematike wei Mënscherechter a Konfliktbewältegung behandelt, esou wei "déontologie policière et lutte contre les extrêmismes/fanatismes" oder nach "principes constitutionnels, droits fondamentaux et libertés publiques". Et ass och virgesinn d'Thematik vun der Anti-Diskriminatioun am Kader vun der Formation continue ze behandelen. Viraussichtlech sollen dës Formatiounen am Laf vum Joer 2025 ulafen.

Kënnt et zu engem rassisteschen oder diskriminatoresche Virfall vun engem Policemember, gëtt dësen dem Parquet denoncéiert. Zousätzlech kann d'IGP, jee no Situatioun, mat enger disziplinarescher Enquête befaasst ginn.

Fro 3: Ass d'Filmen an d'Online-stelle vu Videoen aus dem Policealldaag am Aklang mam Code de Conduite vun der Police?

D'Filmen an d'Online-stelle vun esou Videoen ass net am Aklang mat de Wäerter déi am Code de déontologie vun der Police verankert sinn.

Zousätzlech huet d'Police eng "Charte du bon usage des outils informatiques et des réseaux sociaux" a Dëngschtvirschrëften iwwert "Règles d'utilisation des outils informatiques au sein de la Police grand-ducale " déi ze respektéiere sinn

Lëtzebuerg, den 7. August 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN